N°6505
Reçu le 19.07.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.07.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Drénglechkeetsfro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Duerch dat waarmt Wieder an den feelende Reen steet an de Wisen am Moment bal kee Fudder méi vir d'Béischten. Op extensiv genotztem Grengland ginn et awer bestëmmte Restriktiounen, wat d'Bäifidderen ugeet. An deem Kontext wollten mir folgend Drénglechkeetsfro un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Ass d'Regierung, wéinst der aktueller Dréchent, gewëllt, eng Ausnamereegelung ze erloossen, wat d'Bäifidderen op extensiv genotzem Grengland ugeet?
    - Wa jo, wéini trëtt dës Ausnamereegelung a Kraaft?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz
Deputéierten

Martine Hansen
Deputéiert

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6505 vun den éierbaren Deputéierten Marc Spautz a Martine Hansen

1. Ass d'Regierung, wéinst der aktueller Dréchent, gewëllt, eng Ausnamereegelung ze erloossen, wat d'Bäidfidderen op extensiv genotztem Gréngland ugeet?

- **Wa jo, wéini trëtt dës Ausnamereegelung a Kraaft?**

D'Regierung ass sech der aktueller Dréchent bewosst, an dowéinst ass en Freiden, de 15. Juli 2022 eng Decisioun Ministerielle ënnerschriwwe ginn, déi d'Bäifidderen op extensiv genotztem Dauergréngland fir d'Kulturjoer 2021/2022 erlaabt. Déi entspriechend Kommunikatioun ass och schonns gemaach.

Lëtzebuerg, den 20.Juli 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN